PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Wéi de 4. Februar 2021 an der däitscher Presse gemellt gouf, huet eng Mataarbechterin aus engem däitsche Spidol sech mat enger "als norwegisch oder auch luxemburgisch bezeichnete Variante des Coronavirus" infizéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Kenntnis vun dëser lëtzebuergescher Variant vum Covid-19?
2. Wéini ass bei enger Sequenzéierungen déi éischte Kéier déi lëtzebuergescher Variant opgetaucht?
3. Säit wéini weess d'Regierung, dass et eng lëtzebuergesch Variant gëtt?
4. Wéi eng Informatiounen huet d'Regierung doriwwer, awéifern sech déi lëtzebuergesch Variant vum Virus vun anere Forme vum Covid-19 ënnerscheet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député